PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°1093
Entrée le 07.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.08.2024
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

D'NATO braucht fir ee funktionnéierend Verdeedgungsbündnis net nëmme militäresch Ressourcen, mee muss och funktionnéierend Infrastrukturen hunn, fir d'Ressourcen kënnen vun A op B ze transportéieren. Een Deel dovunner entfällt op de Schinneverkéier.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Verflichtungen huet Lëtzebuerg am Kader vun der NATO am Schinneverkéier ze respektéieren?

2. Existéiert eng Verflichtung, dass am Fuerpark vum Schinneverkéier vun engem Land eng Mindestunzuel un Diesel-Lokomotiven musse präsent sinn? Falls jo, wou ass dëst festgehalen a wéi ee Seuil gëllt et hei ze respektéieren?

3. An engem Artikel op focus.de vum 6ten Abrëll 2024 steet:

   > *Wie schnell der Expresstransport zum Beispiel ins Baltikum gelingen könnte, ist offen. Denn für Militärfahrzeuge gibt es kein Schengen-Abkommen, das normalerweise einen freien Grenzverkehr in der EU garantiert. […] Um den Prozess zu beschleunigen, arbeiten die Niederlande, Polen und Deutschland derzeit an einem „militärischen Schengen".*

   Wéi steet déi lëtzebuergesch Regierung zu dëse Pläng a wat ass den aktuelle Stand vun dësem Projet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten